



**- Question n°125 du 28 juin 2011 de M. Claude Haagen relative au problème des champs électromagnétiques autour du Centre de radiodiffusion de Marnach, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration**

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'elektromagnétesch Strahlungswärter vum Site Maarnech, dee vun der BCE an der CLT bedriwwwe gëtt, si schonn zënter Laangem am Gespréich a féieren zu kontroversen Diskussiounen iwwert d'Auswierkunge vun dëse Strahlungen op d'Gesondheet vun de Bewunner an op d'elektroresch Geräter an den Haiser an der Émgeigend vun deem Site. Ouni elo hei wëllen a kënnen an d'Detailer ze goen, kann ee résuméieren, datt verschidde Gerichtsuertheeler elo duerch den Tribunal administratif confirméiert gi sinn an datt d'Bedreier se mussen un d'Strahlungswärter halen, déi an der Exploitationsgenehmegung festgeschriwwwe sinn.

Den 30. September 2009 hutt Dir, Här Minister, d'Bedreier vum Site offiziell opgefuerdert, fir Stellung zu deene verschiddene gemoossene Strahlungswärter ze bezéien an innerhalb vu sechs Méint eng akzeptabel Léisung ze proposéieren. D'Autorisatioun ass dunn op zwee Joer verlängert ginn a leeft ufanks Oktober - ech géif mengen, den 3. Oktober - vun dësem Joer aus.

An deem Kontext wollt ech lech, Här Minister, froen: Hunn déi zoustänneg Bedreier lech eng akzeptabel Léisung proposéiert? Wa jo, wat fir eng? Gëtt d'Autorisatioun verlängert, a wa jo, zu welche Konditiounen? Dat heescht, wéi laang gëtt se verlängert? A wéi héich därefen d'Emissiounswärter an deem Fall sinn? Am Fall, wou d'Autorisatioun net géif verlängert ginn, wat fir eng Répercussiounen hätt dat fir de Bedreier? A wat géif dann och mam zoustännege Site geschéien?

Ech soen lech Merci fir Är Äntwerten.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Haagen. D'Wuert kritt elo den Här Aarbechtsminister Nicolas Schmit.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Här President, wann ee mat de Leit vun där Uertschaft do schwätzt, dann héiert een, wat fir engen Nuisancen déi Leit ausgesat sinn, wann op eemol all elektresch Geräter verréckt spillen, wann d'Garagepaarten opginn, d'Telefonen net méi ginn, d'Computeren ausfallen an esou weider. Ech mengen, et ass ganz kloer, datt et do Nuisancé gëtt.

Wéi mer den 30. September 2009 dann nach eemol eng Verlängerung gemaach hunn, do hu mer gläichzäiteg eng Mise en demeure gemaach un d'BCE, fir ze soen, si missten déi Norm vun dräi Voltmeter, déi d'Gerätenorm ass, respektéieren. Nun ass et awer esou, datt wahrscheinlech aus technesche Grënn, wat d'Emissiounsstärkt ass vun deem Émetteur, datt déi net ka respektéiert ginn.

Mir hunn also probéiert, mat der CLT a mat der BCE eng Léisung ze sichen. An déi éischt Léisung war déi: en alternative Site. Dat ass natierlech net einfach, en alternative Site ze fannen, obwuel d'BCE domat d'accord war. Mir hunn och zesumme mam Minister Schank probéiert, Alternativen ze sichen, wou et séchergestallt gewiescht wier, datt et keng Nuisance fir d'Leit géif ginn.

Mä en fin de compte huet awer d'BCE eigentlech e Volte-face gemaach, wéi se gesinn hunn, datt et fir ons ganz kloer wier, datt se net méi eng Autorisation illimitée géife kréien. Si hunn also hir Strategie iwwerduecht, an an enger Réunioun, déi mer mat hinnen haten - dat war de 5. Mee 2011 -, hu se ons gesot, datt se eigentlech déi Aktivitéit wëllen zoumaachen. Mir hu se also hei beim Wuert geholl a mir hu gesot, datt dat effektiv déi bescht Optioun wier.

Mir sinn elo amgaang, mat hinnen ze kucken, a wat fir engen Délaien dat ka geschéien. Et ass natierlech esou, datt d'CLT/BCE och liiert ass duerch Kontrakter, well si émetteiere jo fir aner, haaptsächlech och fir auslännesch Gesellschaften oder Länner souguer. Mir sinn also elo amgaang ze kucken, wéini datt dat kéint geschéien.

Ech hunn och déi Biergerinitiativ iwwert déi Décisioun do informéiert. Ech hunn hinne gesot, datt et keng Autorisatioun méi géif ginn - well effektiv steet déi Autorisatioun erëm an der Diskussioun Enn Oktober -, déi net en definitive Fermeturesdélai géif beinhalten. Dat heescht, mir mussen elo kucken, mat der BCE en Arrangement ze fannen. Fanne mer keen Arrange-

ment, da féiere mer de Krich virun den Tribunaler weider, wat kengem dënglech ass.

Et ass also ganz kloer, datt et, wann et nach eng Verlängerung sollt ginn, dann eng Verlängerung ass, déi e kloren Datum huet, wou déi ganz Operatioun zougemaach gëtt. An deem Datum, deem do am Raum steet - an dat wëssen déi Leit och vu Maarnech -, dat ass spéitstens iergendwann am Joer 2014. 2014 soll et definitiv Schluss mat deem Spuk zu Maarnech sinn!

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Aarbechtsminister. Domadder wiere mer um Enn vun eiser Froestonn a mir kommen elo zu der Diskussioun vum éischte Projet de loi vun haut de Mëtteg, nämlech dem Projet de loi 6046, zwou Konventiounen géint de Mëssbrauch vu Kanner zu sexuellen Zwecker.

D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeloecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Bettel, Henckes an Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Weiler. Well den Här Weiler awer verhénnert ass, wäert de Rapport virgedroe gi vum Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

## 4. 6046 - Projet de loi portant:

### 1. approbation

**a) de la Convention du Conseil de l'Europe pour la protection des enfants contre l'exploitation et les abus sexuels ouverte à la signature à Lanzarote les 25-26 octobre 2007**

**b) du Protocole facultatif à la Convention des Nations Unies relative aux droits de l'enfant, concernant la vente d'enfants, la prostitution des enfants et la pornographie mettant en scène des enfants**

**2. modification de certains articles du Code pénal et du Code d'instruction criminelle**

### Rapport de la Commission juridique

► **M. Gilles Roth (CSV), remplaçant M. Lucien Weiler (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, 223 Milliounen Kanner sinn all Joer weltwäit Affär vu sexueller Ausnutzung. 1,8 Milliounen Kanner ginn all Joer fir Kannerpornografie a Prostitutioun mëssbraucht. Zwou Milliounen Kanner schaffe weltwäit an der Sexindustrie. A méi wéi eng Millioun pornografesch Fotoe vu Kanner zirkuléieren um Internet. Dës Zuele si Schätzung vum der Unicef. D'Donkelziffer däreft wuel nach méi grouss sinn.

D'Kanner ginn net genuch geschützt. Et gëtt ze oft an ze vill grouss Ennerscheeder tëschent de Gesetzgebunge vun den eenzelne Länner an deem Beräich. D'Kannerpornografie, de Sexismus an de Kannerhandel kruten do, duerch déi nei global Kommunikatiounstechnologie wéi den Internet, nei Méiglechkeeten. Mir brauchen duerfir international an europäesch Konventiounen, fir effektiv géint dës Verbrechen an hir nei Formen unzegoen. Esou Verträge an nationaal Recht ëmzesetzen ass d'Zil vum Gesetzesprojet 6046.

Här President, mir huelen haut déi sougenannten „Konventioun vu Lanzarote“ fir de Schutz vun de Kanner géint sexuell Exploitatioun a sexuell Abusen un, grad wéi en Zousazprotokoll zu der UNO-Kannerrechtskonventioun. Mir änneren och eis Strofgesetzbuch an deem sensibelen Beräich vun de Sexualdelikter.

Här President, an dem Beräich vun dem Schutz vun de Kanner ware mir hei am Land awer net ontäteg. Lëtzebuerg huet schonn am Joer '93 d'Konventioun vun der UNO iwwert d'Rechter vum Kand vum Joer 1989 ëmgesat. Haut stëmme mir iwwert d'Ëmsetze vun engem Zousazprotokoll zu dëser Konventioun of.

Et geet drëms, fir bestëmmten Handlungen am Beräich vun dem Verkauf vu Kanner, der Kannerprostitutioun an der Kannerpornografie weltwäit strafbar ze maachen. D'Justizsummenaarbecht an deem Beräich soll verbessert ginn. Wann eng Persoun sech an engem Land weinst esou Handlung strafbar mécht, da muss dës Persoun do poursuivéiert ginn, oder dat Land muss dës Persoun ausliwweren.

Wann zum Beispill e Lëtzeburger am Ausland sech un engem Kand vergeet, da muss hien an deem Land viru Geriicht kommen oder déi auslännesch Autoritéit mussen dës Persoun u Lëtzebuerg ausliwweren. Dat ass de sougenannte Prinzip vun dem „aut judicare aut dedere“, dee mir fir Sexualstrofdoten elo an eise Code d'instruction aschreiven. Dat hu mir an der rezenter Vergaangenheet awer schonn am Kontext vun

dem Wäisswäsche vun de Suen an der Korruptioun gemaach.

Kanner, déi als Affär viru Geriicht aussoen, mussen speziell geschützt ginn. Deene meeschte Verpflichtungen aus dem Zousazprotokoll zur UNO-Kannerrechtskonventioun komme mir elo schonn an eiser nationaler Législatioun no, besonnesch opgrond vun enger ganzer Rei vu Gesetze, déi mir kierzlech an der Chamber gestëmmt hunn, wéi zum Beispill den Afferschutz, d'Justizbehënnerung oder den Zeieschutz duerch d'Gesetz iwwer speziell Ermittlungsmethoden am Kader vu schwéiere Verbrechen.

Här President, mir setze mat dësem Gesetzesprojet och déi sougenannten „Konventioun vu Lanzarote“ ëm. Si gouf vum Europarat, dem Conseil de l'Europe, am Joer 2007 ausgeschafft. Déi meescht international Konventiounen an deem Beräich vum Kannermissbrauch betreffen de sexuelle Missbrauch vu Kanner fir kommerziell Zwecker. D'Konventioun vu Lanzarote geet elo méi wäit. Et ass dat éischt internationalt Rechtsinstrument, wat och sexuell Abuse vu Kanner am familiären Ëmfeld bestrooft. D'Auteure vu sexuellen Abuse kommen nämlech ganz oft direkt aus der Famill. D'Konventioun bestrooft och net nëmmen déi sexuell Handlung als solch. De Fait, zu Kanner e besonnescht Vertrauensverhältnis opzebauen, mat dem Zil, se spéider ze mësshandelen, gëtt mat der Konventioun strafbar.

D'Prostitutioun vu Kanner, d'Kannerpornografie, d'Zwänge vu Kanner, u pornografesche Spektakelen deelzehuelen, an de Sextourismus mussen vun de Memberstate vum Conseil de l'Europe bestrooft ginn.

Leit, déi mat Kanner an hirem Berufsliewen ze dinn hunn, mussen sensibiliséiert ginn, fir esou fréi wéi méiglech eventuell Unzeeche vu Mësshandlungen ze entdecken. Verdachtsfäll mussen direkt un d'Autoritéit weidergeleet ginn. Dës Matdeelungsflucht hu mir virun dräi Wochen an eis Strofgesetzbuch, am Kader vum dem Gesetz iwwert d'Justizbehënnerung, agefouert. All Verdacht op eng Strofdot géint eng Persoun vu manner wéi 18 Joer muss den Autoritéit gemellt ginn, an dat vun all Persoun, och der Famill, déi iwwer esou eng présuméiert Mësshandlung Bescheid weess.

D'Konventioun gesäit och eng ganz Rëtsch vu prozedurale Regele vir, déi zu enger besserer Kooperatioun tëschent de Memberstate féiere sollen. Dëst zielt souwuel um Niveau vun der Kooperatioun vun de Justiz- a Polizeiautoritéit wéi och um Niveau vun der Preventioun vum Kannermissbrauch.

Här President, dës Gesetzesprojet ass dorwäert eraus e gutt Beispill, wéi eist Strofrecht, wat jo oft als Zeeche vun eiser nationaler Souveränitéit verstane gëtt, lues mä sécher duerch europäesch an international Texter beaflosst gëtt.

Folgend Ännerunge maache mir deemno direkt an eiser Strofgesetzbuch: Éischstens, d'Artikelen 375 an 376 vum Code pénal iwwert de Viol, also d'Vergewaltung, ginn ëmgeännert. Haut gëtt et dem Gesetz no dräi Fäll, wou ee Viol virläit, also keen Averstännis vum Affär: Dat ass eng sexuell Penetratioun mat Uwendung vu Gewalt an/oder Menacen; de Viol duerch Trickerei oder Manipulatioun; de Viol duerch d'Ausnotze vun enger Persoun, déi net an engem Zustand ass, an deem si kéint hiren Accord ginn oder sech dem sexuellen Akt widersetzen.

Dës Elementer sinn awer an der Praxis net esou licht nozeweisen. De Gesetzesprojet gesäit elo just nach ee Bestanddeel vum Viol vir. Et ass dat d'Feele vum Averstännis vum Affär. Déi fréier Elementer vum Viol si just nach Forme vum Feele vum Accord. Et gëtt also an Zukunft méi einfach, eng Vergewaltung ze beweisen.

Zweetens, d'Vergewaltung vun engem Kand ass eng sougenannten „circonstance aggravante“, also en erschwéierenden Tatbestand. Den Alter vum Kand läit haut bei 14 Joer. De Gesetzesprojet setzt dësen Alter op 16 Joer erop. E Sexualakt un engem Kand vu manner wéi 16 Joer gëllt prinzipiell als Vergewaltung, virausgesat natierlech, déi psychesch Elementer vum dem allgemenge Strofrecht, an dësem Fall de sougenannten „dol“, si ginn. Dorop stinn dann tëschent zéng a 15 Joer Prisong.

Drëttens, den Artikel 372 vum Code pénal iwwert den Attentat à la pudeur, also een on-sittlecht Behuelen, gëtt geännert. Bis elo ass en on-sittlecht Behuelen ouni Gewalt an ouni Bedrohung just strafbar, wann d'Affär manner wéi 16 Joer huet. Mat dem Gesetzesprojet ass den Attentat à la pudeur ouni Gewalt an ouni Bedrohung strafbar, ob d'Victime e Kand ass oder net. Wann d'Victime awer manner wéi 16 Joer huet, da gëtt dat als Circonstance aggravante betruecht. D'Strofmooss ass da méi héich. Dat ass och dann de Fall, wou den Attentat à la pudeur mat Ausübung vu Gewalt oder Bedrohung geschitt.

Véiertens, den Artikel 379 vum Code pénal iwwert d'sexuell Ausbeutung vu Kanner gëtt vereinfacht. Haut ass eng Konditioun, datt deen, deen d'Kanner verféiert, se bestécht oder prostituéiert, dat muss maachen, fir d'Passiounen vun enger anerer Persoun ze befriddegen. Dës restriktiv Konditioun vun der Befriddegung vu Passiounen kënnt elo aus dem Artikel 379 eraus. D'sexuell Exploitatioun vu Kanner kann domat méi einfach bewise ginn.

D'Strofdot vun der Ausbeutung vu Kanner, déi mat bis zu fënnf Joer Prisong beluecht ass, gëtt ausgeweit op d'Prostitutioun vu Kanner an d'Organiséiere vu kannerpornografesche Spektakelen.

Fënneftens, den Artikel 383 vum Code pénal bestrooft am Moment d'Fabrikatioun an d'Vebreede vu gewalttätegem a pornografeschem Material zu kommerziellen Zwecker. De Gesetzesprojet limitéiert dës Infraction net méi op déi kommerziell Zwecker, mä dehnt se souguer op gewalttäteg a pornografesch Messagen aus, déi vu Mineure kënnen gesi ginn an déi d'mënschlech Dignitéit a Gefor bréngen.

Sechstens, de Gesetzesprojet féiert déi stroferechtlech Verfolgung vun dem sougenannten „grooming“ an. En Erwuessenen, deen zum Beispill iwwer Internet Kontakt zu Kanner ophëlt mam Zil, hinne sexuell Propositionen ze maachen, mécht sech an Zukunft strafbar.

Siwentens, d'Verbreedung, d'Ophuelen, d'Importéieren an d'Exportéieren an d'Offer vu kannerpornografeschem Material gëtt méi streng bestrooft. Dat wëssentlecht Erofluende vu Kannerpornografie vum Internet ass eng Strofdot. Dorop stinn an Zukunft bis zu dräi Joer Prisong. Laang huet sech d'Commission juridique och d'Fro gestallt, ob d'Tentative, also de Versuch, fir kannerpornografesch Material unzeschafe respektiv ze kucken, misst bestrooft ginn.

An enger éischter Phas huet d'Commission juridique proposéiert, déiselwecht Strofe fir d'Tentative, also de Versuch, virzegesi wéi déi Hauptstrof. Dës Propos gouf vum Statsrot kritiséiert, well d'Tentative eigentlech am Strofrecht ni gradesou haart bestrooft gëtt wéi déi Hauptinfraction. Aus praktesche Grënn huet d'Kommissioun decidéiert, de Versuch, also d'Tentative vun dem Halen oder dem Kucke vu kannerpornografeschem Material aus dem Text erauszehuelen, well et an der Praxis quasi on-méiglech ass, esou eng Tentative nozeweisen.

Aachtens a schliesslech leschtens: Um prozeduralen Niveau gëtt et eng Ëmännerung vum Artikel 5-1. vum Code d'instruction criminelle. Dësen Artikel gëtt engem Lëtzeburger Geriicht d'Kompetenz, fir Strofdoten ze ermëttelen, déi e Lëtzeburger oder eng Persoun, déi zu Lëtzebuerg residéiert, am Ausland begaangen huet. Dat zielt och am Fall, wou dës Handlung am Ausland keng Strofdot ass, mä wuel hei zu Lëtzebuerg. Dës Moossnam muss een am Kontext vun sougenannte Sextourismus kucken.

Här President, mir kënnen et eis als Rechtsstat net erlaben, Lacunen am Beräich vun Schutz vun eise Kanner ze hunn. D'Commission juridique recommandéiert duerfir, dës Projet ze stëmmen. An ech gi fir main Deel d'Zoustëmmung derzou vun der CSV-Fraktioun.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Gilles Roth. An als éischt Riedner ass den Här Xavier Bettel agedroen. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wëll ech dem Här Roth Merci soen, deen esou kuerzfristig sech an den Dossier ageschafft huet. An ech wëll him Merci soe fir säi schrëftlechen a säi mëndleche Rapport.

Ech mengen, et gëtt keng méi schrecklech Strofdot, wéi sech u Kanner ze vergräifen, ob dat ass fir Film, Viol, pädopornografesch Material ze sammelen. An ech mengen, dass et keng streng genuch Strof gëtt, wou ee selbstverständlech och muss kucken, wat de Suivi ass no enger Strof, well een anzespären huet net ëmmer déi richtig Répercussiounen duerno, mä de Suivi och. Mä dofir muss een och en Arsenal vu Législatiounen hunn a vu repressiven Uerteeler, fir kënnen all Behuelen, wat e Kand fir ëmmer wäert markéieren, och ze bestrofen.

Här President, dofir wäerte mir och als Fraktioun deen doten Text stëmmen.

De Problem an deem doten Text - dofir wollt ech och d'Wuert ergräifen - ass deen neien Artikel 383. Den alen Artikel 383, dat ass dees vun den «Outrages publics aux bonnes mœurs», och justement iwwert de Fait vun enger Distributioun, Écrit, Imprimé, Fotografie, Film. Deen huet sech ëmmer beruff op Pornografie: «à caractère pornographique». Dat heescht, de Caractère pornographique wor deen Element vum Artikel 383.





Am deem neien Text 383, dee mer elo am Code pénal wäerten hunn, steet: «Le fait soit de fabriquer, de transporter, de diffuser par quelque moyen que ce soit et quel qu'en soit le support un message à caractère violent ou pornographique ou de nature à porter gravement atteinte à la dignité humaine,...».

Dat heescht, mir hunn zwee nei Qualificatifen dran, déi net kumulativ sinn, well et ass en „ou“. Dat heescht, et ass net eng Condition cumulative, dass se muss «de caractère violent ou pornographique» sinn an «de nature à porter gravement atteinte à la dignité humaine», mä et ass en „ou“. Dat heescht am Fong, à côté vun der Pornografie hu mer elo den «caractère violent ou de nature à porter gravement atteinte à la dignité humaine».

Ech muss lech soen, dass mer deem Text net gären hunn, deem doten Artikel, einfach, well et keng Definitiouen gëtt vun engem Caractère violent oder enger Nature à porter gravement atteinte à la dignité humaine. Dat heescht, dass elo d'Gerichter...

A mir kenne jo verschidde Bierger, jiddwereen huet eng Sensibilitéit, déi verschidden ass vis-à-vis vun engem Mail, deem e kritt, vis-à-vis vun engem Video, deem e geschéckt kritt. An am Fong ass haut een, deem en E-Mail „post“, en also engem schéckt, wou e Mineur e kéint kucken - dat steet jo am Text: «...lorsque ce message est susceptible d'être vu ou perçu par un mineur.» -, deem ass am Fong Auteur vun där Strof, wann ech den Text richteg liesen.

A vill vun lech si jo och op Facebook. Dat heescht, wann Der iergendee Message kritt, dee brutal kéint sinn, deem e Caractère violent kéint hunn a vun engem Mineur ka gekuckt ginn - well déi meescht Messagë kënnen jo och gekuckt ginn -, sidd Dir am Fong - «diffuser par quelque moyen que ce soit», dat heescht, Internet ass dann och dran -, sidd Dir méiglecherweis, wann een dat kuckt, deem dat e bësse brutal fénnt oder fénnt, dass et «de nature à porter gravement atteinte à la dignité humaine» ass, kéint Dir ënner esou een Artikel fallen.

Dat heescht also, als Fraktioun vun der Demokratescher Partei hu mir esou vag Texter net ganz gären, wou mer am Fong soen, duerno ass et um Gericht ze decidéieren, wat am Fong violent ass oder net violent ass, well d'Susceptibilitéit vun deem engen a vun deem anere Bierger wierklech ganz large ass. Mir hätte léiwer gehat, et hätt ee sech op Pornografie beschränkt.

An, bon, mir sinn eis ganz eens, dass et Spiller gëtt oder Messagë gëtt, déi d'une violence grave sinn. Do soll et jo och déi Kommissioun gi fir d'Videospiller, déi geféierlech sinn, wou et och soll e legale Kader sinn, fir ze soen, wat verbueden ass, wat net verbueden ass bei Mineuren.

Mir fannen esou een Text, deem e bësse fourre-tout ass, wou et ëm d'Pornografie gaangen ass, e bëssem denaturéiert, an deem ee seet, dass och elo Caractère violent oder Atteinte grave à la dignité humaine mat drafält. Also, d'Gerichter wäerten dann duerno mussen definéieren, wat dat ass oder net. Mir hätte léiwer gehat, et wier net dran.

Mä wéi gesot, Här President, sou wéi ech et vir-dru gesot hunn: Eisen Här Minister hat net vill Choix. Ech mengen, et ass eng Konventioun, déi aus dem Ausland kënn, déi mer och ratifiéieren, dat heescht, mir hunn do net ëmmer grouss Marge-de-manceuvres, mä mir hunn einfach esou Texter, déi flou sinn a wou et keng Definitiouen gëtt.

Bei der Violence gëtt et zum Beispill - dat wësst Dir, Här President, als Jurist jo selwer - d'Violence légère, et gëtt d'Voies de fait, d'Violence grave, an et gëtt d'Violence ayant entraîné une incapacité de travail. Do ass et dann de Certificat médical, deem am Fong definéiert, wéi schëllem duerno d'Amende oder also d'Stof ass, selon d'incapacité totale de travail. Hei hu mer just en Text, wann et violent ass, kéint een do drënnerfallen. Mä ech ka mer virstellen, dass d'Gerichter do en âme et conscience wäerten tranchéieren.

Mir wäerten op jidde Fall, well et en Text ass, deem d'Kanner protégéiert, defir stëmmen, mä wéi gesot, mat deem kleng Bémol. Mir hätte léiwer gehat, dass déi doten zwee Punkte vum Caractère violent an der Nature à porter gravement atteinte à la dignité humaine net an deem heiten Text gewiescht wieren an dass mer vläicht en aneren Text gehat hätten, wou mer, wéi gesot, déi Konditiounen gehat hätten, bei Spiller oder bei anere Messagen, déi ze diffuséieren sinn.

Mir freeën eis, wann een esou Texter huet, déi, wéi gesot, den Intérêt vun de Kanner priméieren. Mir wieren och frou, wann de Parquet an deenen dote Fäll awer och eng gewëssen Energie hätt, wéi ee se an anere Fäll hätt, wann ee schwätzt vu Caractère violent oder vun Dignité humaine.

Ech erënneren lech, Här President, un eng Question parlementaire, déi ech gestallt hat iwwert d'Tracté vum Här Peters, iwwer fir mech rassisteschen an inakzeptabel Proposen. Dat fält och fir mech ënner Propos-violenten. Op jidde Fall, mir hunn elo net deem doten Text gebraucht, fir ze intervenéieren. Ech hunn elo viru Kuerzem gelies, dass nach eng Kéier esou Tracten ausgedeelt gi wieren.

Ech wier frou, wann de Parquet, wann et esou Fäll sinn, op jidde Fall eng gewëssen Energie géif beweisen, wéi e se an anere Fäll och hätt. Mä dofir musse se och d'Moyenen hunn.

Den Här Justizminister huet eis schonn zwar ugekënnegt, dass et also méi Moyene géif gi fir d'Justiz iwwert d'Reform och vun de Riichter, a mir hoffen, dass dat och seng Friichten dréit.

Mir soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bettel. An als nächste Riedner ass den Här Braz agedroen. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Félix Braz (déi gréng).**- Här President, déi gréng Fraktioun wëllt fir d'Eischt emol dem Rapporteur, dem Här Weiler, Merci soen, a mir bréngen, vu dass alles - mengen ech - scho gutt an am Detail erkläert ginn ass, och just eis Zoustëmmung.

Den Här Bettel huet eng Rei Froen opgeworf, déi berechtigt sinn. Mä mir mengen, dass et effektiv un de Gerichter wäert sinn, op d'Applikatioun vun dësem Gesetz hin esou ze schaffen, dass et eng sënnavoll Applikatioun ass. An den Text, sou wéi en ass, erlaabt deem néidege Spillraum, fir och mat e bësse Fangerspëtzegefill kënnen zu gudden Uerteeler ze kommen.

Dofir hu mer keng Bedenken, dëst Gesetz ze stëmmen. Et ass eng gutt Saach am Intérêt vun der Protektioun vun de Kanner. Lëtzebuerg huet mat dësem Gesetz eng besser Gesetzgebung, wéi wa mer et net géife stëmmen. Dofir bréinge mer gären zu dësem Text eis Zoustëmmung.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Braz. Als nächste Riedner ass den Här Henckes agedroen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Merci, Här President. Et ass wichteg, dass mer déi Konventioun vu Lanzarote hei an ons Gesetzgebung integréieren, dass mer haut dat Gesetz stëmmen, well mir wëssen alleguerten, dass d'Zuel vun de Leit, déi sech u Kanner vergreifen, steigt, dass et ëmmer méi international Infractiounen gëtt. Duerfir muss och eng global europäesch, ech géif souguer soen, weltwäit Legislatioun entstoën, fir géint déi Zorte vu Kriminalitéit kënnen virzegoen. Well déi Leit, déi an deem Gebitt tätég sinn, an där Kriminalitéit tätég sinn, déi wëssen ëmmer direkt déi Länner auszesichen, wou se sech kënnen nidderloosen, ouni e Risiko anzegoen.

Eng vun de wichtegen Neierungen, déi gemaach gi sinn, dat ass déi vun dem Artikel, wou mer soen, dass den Alter vum Mannerjähregen, deem eng speziell Protektioun huet, vu 14 op 16 Joer eropgesat gëtt.

Woufir? Ma well mer wëssen, dass deem Ablack, wou et e Mannerjähregen ass, deem ënnert dee Statut do fält, dann d'Charge de la preuve anescht ass. Dat heescht, wann et sexuell Relatiounen ginn ass, da muss den Täter beweisen, dass d'Victime, dass dee Mannerjährege consentant wor.

Dat ass eng aner Situatioun deem Ablack, wou e 16 Joer al gëtt oder groussjähreg gëtt, well do ass d'Charge de la preuve anescht. Do muss déi Persoun, déi eng Plainte mécht géint en Täter, beweisen, dass se violéiert ginn ass. An et weess ee ganz genau, dass, wann d'Charge de la preuve bei deem ass, dee violéiert ginn ass, een deem Ablack no den ablackleche Statistiken nure 6% Condamnatiounen kritt. Duerfir geet et drëm, fir hei dëse Punkt awer ganz speziell ervirzesträichen, well ech mengen, et ass eng gutt Avancée.

Mä mir wëssen natierlech awer och, dass et Prostituéierter gëtt vum Alter vu 15, 16 Joer un, déi Internetsiten hunn. Ech brauch nuren déi Affären ze ernimmen, déi kierzlech an der franséischer Fussballnationalmannschaft diskutéiert gi sinn, fir ze weisen, wéi wäit esou Saache kënnen goen.

Ech wëll och dem Rapporteur, dem Här Weiler, an och dem Corapporteur, dem Här Gilles Roth, villmools Merci soen, well se hei e ganz wichtegen Text och mat deene lëtzebuergeschen Iwwersetzung verninn, mä nach hunn ech esou d'Impressioun, dass et och an dësen Texter nach vill Interpretatiounen wäert ginn; ech wëll also hinne Merci soe fir hir Rapporten, mä ech wëll awer och nach soen, dass et vill Interpretatiounen gëtt, och wat de „grooming“ ugeet.

Woufir? Well deem Ablack, wou e Jonken iwwer Internet, iwwer verschidde Siten - adulte.fr, oder ech weess net, wat et soss dorëmmer gëtt - sollicitéiert gëtt, muss deem, deem op där anerer Säit um Internet ass, och wëssen, dass et e Mineur ass. Och ganz oft gi verschidde Mineuren hin an déi maachen dat. Do ginn d'Jurisprudenzen hei an Europa relativ duerjenaner, well verschidde Leit falsch Indikatiounen uginn.

Bref, et bleift, wéi ëmmer am Stofrechtlechen, och ze kucken, wat d'Intentiounen woren, wat d'Realitéit woren. An do hu mir op jidde Fall d'Vertrauen an ons Gerichter, an ons Stofgerichter, dass se do déi néideg an déi richteg Décisiounen wäerten huelen.

Ech wollt awer den Accord vun der ADR zu dësem Gesetzesprojet bréngen.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Henckes. An als leschte Riedner ass den Här André Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Här President, mir si selbstverständlech mat deem Gesetzesprojet d'accord an ech wäert en och stëmmen. Ob mer et allerdéngs fäerdeg bréngen, opgrond vun deene Bestëmmungen all dat, wat iwwert déi modern Kommunikatiounsmëttele leeft, ze bremse respektiv ze bestrofen, doriwwer ass eng gewësse Skepsis - mengen ech - erlaabt.

Et dierf een an deem Zesammenhang vläicht och drop hiweisen, ouni falsch verstanen ze ginn, dass et heiandsdo Mannerjähreger selwer sinn, déi Acteuren an de Circuite sinn, also, an hirer Inconscience, mä awer méi oder weëneger bewosst Acteure sinn oder Multipliqueure sinn oder Iwwermëttler sinn. Wat heiandsdo an eise Schoule geschitt tëschent de Kanner, dass ass oft gradesou erschreckend wéi dat, wat mer als Pornografiemessagen um Internet gesinn. Do ass also munch Informatioun an Opklärung méi wéi Repressioun also onbedéngt noutwendeg.

Duerfir wëllt ech och eng Remarque opgräife vun der Mënschrechtskommissioun. Engersäits steet an hirem Avis ee Saz, deem eis e bëssem desillusionéiert an - ech mengen - mat deem mer eis awer mussen ausenanersetzen. Si schreiwen an hirem Avis: «La Commission consultative des droits de l'Homme s'est longuement intéressée au projet de loi en question et a abouti à la conclusion que la criminalisation des faits d'abus sexuels n'empêchera aucunement les abuseurs de jouir d'une assez grande impunité.» An: «Il n'y aura pas d'effet dissuasif.»

Also, och bei dësem Gesetz musse mer wëssen, dass mer domadder de Problem net komplett geléist hunn.

An eng aner Remarque och aus deemselwechten Avis fannen ech wichteg, fir opgegraff ze ginn. Dat ass déi, wou se soen: Et muss een deene Leit, déi konfrontéiert si mat engem Signalement, engem Verdacht also emol un alleréischter Stell vun engem Abus sexuel, dass déi sollte gesot kréien, wéi eng Démarche dass se sollten aschloen, fir dass se net méi Schued wéi Guddes maachen. An déi Démarche, déi soll kodifizéiert ginn.

Si mengen do an hirem Avis haaptsächlech domadder natierlech Genre Polizei/Riichter, an ech mengen domadder eigentlech och jiddwereen, dee mat Kanner ze dinn huet: Enseignants, Educateurs, Moniteurs an de Sportsveräiner, déi oft net wëssen, wa se e Fall signaléiert kréien, wou se jo nach net wëssen, ob e stëmmt oder net, wéi se dermat ëmginn.

An ech mengen, do wär et also och net abwegeg, fir déi Suggestioun vun der Mënschrechtskommissioun ze suivéieren an ze kucken, d'Leit ze informéieren, op eng net hysteresch Aart a Weis wuelverstanen, op eng sachlech Aart a Weis: Wéi ginn ech an där jeeweileger Situatioun mat engem Signalement ëm, ouni dass ech dem Kand, wat sech mellt, dobäi méi Schued wéi Guddes maachen an ouni dass ech natierlech och e Verdacht schonn als e Beweis huelen? Well dat ass jo och eng aner Säit vun der Gefor, op déi ee muss e bëssem oppassen.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoffmann. An elo kritt den Här Justizminister François Biltgen d'Wuert.

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.**- Merci, Här President. Ech sinn emol fir d'Eischt frou, dass mer dëse Projet elo endlech an der Chamber hunn. D'Konventioun vu Lanzarote huet jo schonn eng gewësse Liewenszäit. Ech wëll awer och soen: Mir sinn eréischt dat 14. Land, wat déi Konventioun ratifizéiert. Ech sinn awer frou, dass mer dat 14. Land sinn, wat déi Konventioun ratifizéiert!

Dann hu mer an der Chamberskommissioun eng gewëssen Zäit gebraucht, fir dee Projet ze finaliséieren. Well dat eent ass, Prinzipien unze-

huelen, déi an enger Konventioun stinn, an dat anert ass, d'Gesetzgebung esou ze maachen, dass d'Gesetzgebung och richteg ass, dass se engersäits der Konventioun entsprécht an dass se op där anerer Säit awer och applicabel ass.

Ech hunn elo héieren: „Jo, den Droit pénal kann net alles léisen.“ Et ass ganz kloer, dass den Droit pénal net alles léise kann. Ech warne jo och ëmmer virun enger penaliséierter Welt. Ech muss och soen, dass ech déi Remarque vun der Mënschrechtskommissioun net deelen, fir ze soen: „Et dierf keng Intention de nuire méi do sinn.“ Den Droit pénal muss op der Intention de nuire baséiert sinn, well soss riskéiere mer wierklech, alles ze penaliséieren. An ech warnen dervir, fir ze mengen, well et nëmme gutt kléngt, et misst een alles penaliséieren. An dofir ass a bleift d'Intention de nuire e wichtegt Element an der Application vum Droit pénal.

En Droit pénal huet e puer Funktiounen. Déi éischt ass emol déi, fir effektiv Regeln ze fixéieren an ze dissuadéieren, déi Regeln ze brieden. Dat maache mer och hei. Den Droit pénal kann net do sinn, fir dass elo d'Parqueten Honnerte Leit beienee kréien, fir iwwerall nozekucken, wou dann effektiv eppes kéint schifgaange sinn oder net. Mä wichteg ass, dass fir d'Eischt duerch den Effet dissuasif verhënnert gëtt, dass eppes schifgeet.

Et geet net duer, dass eppes am Code pénal steet, do gehéiert och ganz vill Educatioun iwwerall derbäi. Dat kann den Droit pénal net maachen, dat muss op anere Plaze geschéien, dass d'Leit och wëssen, wa se eppes...

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Den „Nuire“ ass net ëmmer ginn.

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.**- Neen, awer... Jo!

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Coups et blessures involontaires...

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.**- Jo, de Prinzip vum Droit pénal muss d'Intention de nuire bleiwen. Et gëtt Exceptionen. Déi Exceptionen musse ganz strikt limitéiert sinn a mussen d'Exception vum Prinzip bleiwen.

Dofir nach eng Kéier: Ech ka mech dofir do net op deem dote Punkt mat der Commission des droits de l'Homme eensetzen. Ech setze mech awer mat der Commission des droits de l'Homme eens, fir ze soen: Et geet elo net eleng duer, eppes am Droit pénal ze maachen, et muss een effektiv kucken, dass d'Leit och forméiert ginn, informéiert ginn, dass dat weidergeet.

Ech wëll och drop hiweisen, wat Internet ubelaangt - mir hu jo an där heiter Konventioun, an där Ëmsetzung verschidden Dispositiounen - ech huelen elo emol eleng dat vum Internet eraus. Do fannen ech et awer emol scho richteg, dass mir an eisem Gesetzestext soen, dass „grooming“ ënner Strof steet, dass dat op d'mannst gewosst ass.

A wann ech dann - ech si jo och Kommunikatiounsminister - kucken, wat mer awer vill Efforté maachen, zum Beispill iwwert d'Initiativ CASES, fir wierklech - net nëmmen, mä och - déi Jonk ze informéieren, wat et alles vu Gefore gëtt, dann ass dat awer eppes Wesentlech, wat mir méi hu wéi am Ausland. Mir maache wierklech eng ganz grouss preventiv Campagne, wat alles d'Suerge sinn a Gefore sinn, déi op Internet sinn. Do ass iwwert de CASES-Programm ganz vill opgebaut ginn, wou och ganz vill mat de Schoulen zesummegeschafft gëtt.

Dat ass also eppes, dat niewent dem Droit pénal muss sinn. Den Droit pénal kann ëmmer nëmmen nokommen. Ech bleiwen derbäi, dass et am beschten ass, et geschitt näischt Béises, well de Polizist rennt ëmmer deem Béisen handendrun, a bis dass de Béise gefaangen ass a virun de Riichter kënn, ass erëm Zäit vergaangen. Also, wichteg ass et awer, dass den Droit pénal Limité setzt. Zum Beispill „grooming“ ass eppes, wat wichteg ass, dass dat an eisem Text ënner Strof gesat gëtt.

Zweetens, eng Applikatioun muss ëmmer kënnen flexibel sinn, och am Droit pénal, flexibel an deem Sënn, dass se awer net arbitraire ass. Ech kommen op déi Suergen zrëck, déi den Här Bettel hei hat beim Artikel 383. Et ass net nëmmen „violent“, wat ee kann diskutéieren, och „pornographique“ ass ëmmer diskutéiert ginn.

Wat virun 30 Joer als Pornografie ugesi ginn ass, gëtt haut net méi onbedéngt als Pornografie ugesinn. An dofir, mengen ech, ass et awer wichteg, dass den Text herno am Endeffekt dem Riichter d'Méiglechkeet gëtt ze jugéieren,





wéi dat adaptéiert gëtt. Well déi doten Termen, déi änneren och mat der Akzeptatioun vun der Gesellschaft.

An ech hu léiwer, mir maache franséisch Texter - an ech kommen nach op d'Wuert „franséisch“ zréck -, wéi mir géifen elo Kasuistik maachen a ganz am Detail definéieren, wat dann „violent“ wär a wat „pornographique“ wär. Ech mengen, do gëtt et och gesellschaftlech Akzeptatiounen, déi evoluéieren. An ech mengen, do ass nach ëmmer d'Opportunité des poursuites vum Parquet wichteg. Dat ass e wichtegt Element, d'Opportunité vum Parquet. Dee muss dat doten indépendant kucken an net politesch Injonctionne kréien.

Ech kommen net op vergaange Geschichten zréck iwwer „Jours tranquilles à Clichy“ a wéi ech e kleng Jong war an ech sinn an d'Schoul gaangen - ech hat zwee Kilometer ze Fouss ze goen -, an deemno, laanscht wat fir eng Librairie ech komm sinn, dann hounge ëmmer esou Pechpunkten op verschiddenen Zeitungen, an esou weider.

Do ass eng Evolutioun an der Gesellschaft. An dofir ass et bei Pornografie eng Evolutioun ginn. Bei Violence ass et datselwecht. Ech plädéieren awer vehement derfir, dass mer d'Violence awer och wierklech als Gefor fir d'Jugend ugesinn. Wa mer gesinn, wéi och zum Beispill an de Schoule Violence ass - zu eiser Zäit gouf et dat, mengen ech, net -, mä wat mer awer haut ëmmer erëm méi signaléiert kréien, wat an der Schoul vu Violencë geschitt, huet och eppes mat Banalisierung vu Violence ze dinn.

Also ass och d'Banalisierung vu Message-violenten awer eppes, wat doudsécher eng Influenz huet. Dass och do d'Opportunité des poursuites vum Parquet muss zielen an och do herno de Richter muss décidéiere schlussendlech am Endeffekt, wat Violence ass oder net, ass richtig, mä ech sinn awer frou, dass mer hei och d'Violence emol als jugendgefährdend ugesinn, wat bis elo nach net de Fall ass. An dofir plädéieren ech fir dësen Text.

Da kommen ech op dat zréck, Här Bettel, wat ech gesot hunn: „franséisch“. Mir hunn hei strikt de franséischen Text am Wortlaut iwwerholl. Déi Diskussioun, déi mer an der Chamberskommissioun haten, war eng schwierig. A selbstverständlech hu mer dat och an der Chamberskommissioun duerchdiskutiert, well selbstverständlech kann ech lech dat alles net direkt falschmaachen.

Mä wann ech soen, mir hunn d'Opportunité des poursuites vum Parquet, mir hunn d'Richter a mir hunn dann e franséischen Text, dee mir och hei iwwerhuelen, wëllt dat net soen, dass mer mussen d'franséisch Jurisprudenz tel quel iwwerhuelen. Mä et ass awer eng Jurisprudenz, déi eis awer ëmmer erëm ka guidéieren, och de Parquet ka guidéieren, dass net iergendwéi op iergendeng Plainte egal wat geschitt, mä dass do de Parquet - wéi ëmmer zu Lëtzebuerg - seng Saach awer probéiert uerdentlech ze maachen an d'Richter och probéieren, en Droit ze spriechen, dee motivéiert ass.

Dofir wëll ech Är Bedenken net einfach esou vum Dësch werfen, mä ech soen, ech wëll awer plädéieren, dass deem Text franséisch inspiréiert ass. An ech plädéieren nach eng kéier dofir, dass et scho gutt ass, dass mer an Zukunft net nëmme Pornografie oder wat och ëmmer, sexuell Méfalten, als jugendgefährdend ugesinn, mä dass mer och d'Violence als jugendgefährdend ugesinn.

Ech maache mer zum Deel do méi Suergen, ëmsou méi wou déi zwee och heiansdo kënne beienee kommen. Och wa mer kucken, wat geschitt, kënnen déi zwee beienee kommen. Dofir sinn ech der Meinung, dass den Text och am Artikel 383 e gudden Text ass.

Dat gesot, si mer net au bout de nos peines, wat alles ubelaangt, wat d'Bekämpfung vun Abus-sexuellen ubelaangt. Mir sinn amgaangen, am Justizministeschrot en Text ze diskutéieren, eng nei Direktiv, déi net vill Changementer fir eis Texter wäert mat sech bréngen, well mir scho relativ wäit an dem Text gaange sinn, mä wou mer ee Punkt hunn, wou d'Lëtzeburger an d'Hollänner zesummen en Amendement virbruecht hunn, op deem ech och hei wëllt agoen.

Nämlech, dass een, dee condemnéiert ass fir Abus-sexuellen, dass deem an Zukunft net nëmmen, wéi d'Direktiv et virgesäit, verbuede kritt, e bezueltene Beruff auszeüben, deem eppes mat Kanner ze dinn huet, mä, wéi d'Hollänner an d'Lëtzeburger zesumme froen - et war eng gemeinsam Initiativ vun Holland a Lëtzebuerg, an d'Europaparlament huet dat relativ

positiv och duerno gesinn, dass vläicht eisen Amendement géif duerchkommen -, wou mer soen: „Ma neen, dee muss och kënne verbuede kréien, iergendeng fräiwëlleg Aktivitéit auszeüben, wou en a Kontakt mat Mineurë kënn.“

Dat eleng geet awer net duer. Elo kann ee jo och soen: „Ma mir maachen dat am Lëtzeburger Gesetz!“ Am Lëtzeburger Gesetz gëtt et do och scho Méiglechkeeten, dat esou ze interpretéieren. Mä wat ass wichteg? Et ass wichteg, dass mer dat als europäesch Gesetzgebung kréien, well mir jo d'libre Circulation hunn.

An dozou gehéiert dann en anere Projet, un deem mer amgaange sinn ze schaffen. Dat ass d'Vernetzung vun de Casiers judiciaires. Well wann dann iergendee Sportsveräin zum Beispill wëllt e Jugendtrainer astellen, da muss e jo kënne gewuer ginn - an do kommen der jo ganz oft aus dem Ausland: Ass deem dann am Ausland och condemnéiert ginn oder ass en nëmmen zu Lëtzebuerg condemnéiert gi fir Abus sexuel?

Woubäi ech natierlech als Dateschutzminister drop halen, dass dann den Accès nëmmen op déi Donnéeë muss beschränkt sinn, an net wou een alles gewuer gëtt iwwert deem, wat en eventuell am Ausland kann a sengem Casier hunn. Mä ech mengen, dass dat och wichteg Saache sinn, fir preventiv ze wirken.

Dofir nach eng kéier: Den Droit pénal léist net alles. Wa mer nämlech alles ënner Strof setzen, wéi et a verschiddene Regimer geschitt ass, hätte mer awer keng gutt Gesellschaft. Den Droit pénal muss preventiv wirken, andeem e seet: „Dat doten ass eng Regel, déi dierfs de net iwwerschreiden.“ E muss kënnen herno verfollegt ginn. Mä dat Wichtegst ass nach ëmmer, dass mer preventiv och mat op anere Pläng wirken, fir ze verhënneren, dass iwwerhaupt eppes geschitt, respektiv dass mer och kucken, dass matzäite kann intervenéiert ginn.

An ech kommen nach eng kéier op d'Diskussioun zréck, déi mer virun zwou Wochen haten iwwert d'Entrave à la justice, just deem Artikel, dee mer do haten, fir ze soen: Wann s de Kenntnis hues vun engem Crime, dee ka répétéiert ginn, da muss de deem dénoncéieren. Ech hu schonn deemools gesot, dass dat eng wichteg Saach wär, fir dass bei Abus-sexuellen, wou een awer emol eppes héiert oder esou weider, dass et net dann op eemol de Mantel des Schweigens ass, wéi et oft an der Vergaangeneheet war, mä dass déi Leit da wëssen, dass se dat och dann dee Moment mussen dénoncéieren.

Dat gesot, alles zesumme muss ee kucken, an alles zesumme si mer net au bout de nos peines. Mä ech mengen, dass dat heite Gesetz e wichtegt Gesetz ass, fir effektiv ze kucken, eis Jugend besser ze protegéieren.

### (Interruption)

Wann den Här President lech léisst, ech sinn à disposition.

► **M. le Président.**- Dem Här Minister seng Zäit ass zwar eigentlech eriwwer,...

► **Une voix.**- Oh!

► **M. le Président.**- ...mä da loosse mer emol nach den Här Hoffmann eng lescht Fro stellen.

### (Interruptions)

Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Just zu deem leschte Saz, deem den Här Minister elo gesot huet, nämlech dee vun der Obligation de dénoncer. Sou, grad an deem Zesummenhang nach eng kéier déi Fro vun enger Opklärung iwwert d'Démarchen, déi déi Leit da solle maachen, an och wat d'Menschrechtskommissioun..., ënner Ëmstänn eng kodifizéiert Démarche.

Wat maacht Der? Well ech soen lech, ech weess net aus direkter, awer aus indirekter eegener Erfahrung, Enseignantë beispillsweis, déi mat esou engem Fall konfrontéiert sinn, déi wëssen einfach oft net, wéi si iwwerhaupt dermat ëmginn. U wie wënnen ech mech? Wat maachen ech elo, fir net méi Schiebelen ze maache wéi Guddes ze maachen?

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.**- Ech mengen, dat ass eng Démarche, déi muss vun de verschiddene Ministère koordinéiert ginn. Mir sinn - an ech hunn dat och e puermol de Kollege gesot -, selbstverständlech ass de Justizministère, mä och nach méi de Parquet - mir hu jo eng Jugendsektioun beim Parquet -, déi sinn ëmmer bereet, fir de Leit Informatiounen ze ginn, wéi een an deenen dote Fäll weidergeet.

Ech mengen, dass dat eng Saach ass, déi muss an der Schoul..., respektiv weess ech och, dass ganz vill am Familljeministère do koordinéiert gëtt, fir effektiv d'Leit opzeklären. Dat ass eppes, wat extrem wichteg ass. An déi noutwendeg... An déi kompetent - net déi noutwendeg;

se sinn do! -, déi kompetent Justizinstanze si selbstverständlech do ëmmer bereet matzehelfen. Ech weess och, dass zum Beispill de Jugendparquet och ganz vill Öffentlechkeetsaarbecht mécht, ebe just fir d'Leit drop opmierksam ze maachen, dass et do e Jugendparquet gëtt, wuer se sech kënne wënnen.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Justizminister. Domadder wäre mer um Enn vun den Diskussiounen. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6046 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi n°6046 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par Mme Nancy Arendt), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marcel Oberweis), Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diede-rich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Scheuer), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helmingier (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Claude Meisch) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6273, eng Ofännerung vun der Konventioun iwwert de physische Schutz virun Nuklearmaterial. D'Riede-zäit ass hei nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Mergen an den Här Wagner. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Claudia Dall'Agnol. Madame Dall'Agnol, Dir hutt d'Wuert.

## 5. 6273 - Projet de loi

### 1) portant approbation de l'Amendement à la Convention sur la protection physique des matières nucléaires, adopté à Vienne, le 8 juillet 2005;

### 2) modifiant la loi modifiée du 11 avril 1985 portant approbation de la Convention sur la protection physique des matières nucléaires, ouverte à la signature à Vienne et à New York en date du 3 mars 1980

### Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP), rapportrice.**- Merci, Här President. Dir Häre Ministeren, Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 6273 gouf vum Ausseminister, dem Här Jean Asselborn, de 7. Abrëll dëst Joer déposéiert. E kounn den 19. Mee dunn an der Santéskommissioun op den Ordre du jour, wou ech als Rapportrice genannt gouf. Mir hunn och direkt den Avis vum Statsrot gekuckt, deem zwee Deeg virdrun, also de 17. Mee, publizéiert gi war. Den 9. Juni huet d'Santéskommissioun mäi schrëftleche Rapport ugeholl, deem ech lech dann elo nach eng kéier mëndlech hei duerleën.

De Projet de loi huet als Objet en Amendement zu der Konventioun iwwert de physische Schutz vu Kernmaterial - „matières nucléaires“ op Franséisch - ze approvüieren. D'Konventioun applizéiert sech op d'Kernmaterial

während senger Notzung, der Lagerung souwéi natierlech der Uwendung an den Anlagen. Dat Ganz natierlech à des fins pacifiques.

Den Amendement, dee mer mat dësem Gesetz solle stëmmen, huet wun Zil de weltwäite wirksame physische Schutz vu Kernmaterial, dat genotzt gëtt, wéi gesot, nëmme fir friddlech Zwecker. En huet och als But d'Bekämpfung an d'Vermeidung vu Strofdoten am Zesummenhang mat Matériel nucléaire (veuillez lire: Matières nucléaires) an natierlech den nuklearen Anlagen. An zu gudder Lescht soll och d'Zesummenaarbecht zwëschen de Vertragsstaten erlichtert ginn.

Den Amendement, deem datéiert iwwregens vum 8. Juli 2005, woubäi d'Konventioun selwer schonns vum 1979 ass. Béides gouf 1979 wéi och 2005 zu Wien guttgeheescht. Ab dem 3. Mäerz 1980 konnt d'Konventioun ënnerschriwwen ginn, dëst och erëm zu Wien, mä och zu New York.

Et gëtt eng Rei Verfluchtungen an dëser Konventioun fir den internationalen Transport vun Nuklearmaterial, dat heescht wann dësen Transport iwwert déi eenzel Landesgrenzen erausgeet. Wat awer feelt, ass eng Ausso iwwert de Stockage oder den Transport am eegene Land.

Et ginn och eng Rei Infraciounen opgezielt, wat net erlaabten Acquisitiounen oder d'Utilisatioun vu Kernmaterial ugeet. Dës Infraciounen mussen vum jeeweilege Land penaliséiert ginn. D'Konventioun regelt och d'Zesummenaarbecht vun der Justiz aus deene verschiddene Länner, wat eben dës genannten Infraciounen ubelaangt.

An Zäiten, wou d'Gefore vun Terrorismus reell sinn, ass natierlech och d'Thema vun der eventueller Sabotage vun nuklearen Anlagen oder dem Vol vu Kernmaterial, fir Bommen ze bauen, en Thema. Dofir ginn duerch den Amendement an doduerch, dass mer eben haut dëse Projet de loi stëmmen, d'Dispositiounen vun der Konventioun renforcéiert, wat esou vill heescht wéi: Se gi méi streng.

D'Länner ginn elo nach méi responsabiliséiert, wat den Niveau de protection physique ugeet fir hiert geféierlecht Material, a se mussen natierlech derfir suergen, dass hiert Material net an déi falsch, also geféierlech Hänn kënn.

Et muss och eng Stell chargéiert ginn, déi d'Dispositiounen vun der amendéierter Konventioun ëmsetzt. Am Exposé des motifs vum Projet de loi kënn Der liesen, dass fir Lëtzebuerg dëst d'Division de la radioprotection sollt sinn, déi zum Santéministère gehéiert. Et gouf dunn an der Gesondheetskommissioun d'Fro gestallt, ob dat iwwerhaupt méiglech wär, well d'Radioprotektioun eng Verwaltungsstell wär, déi der Direction vun der Santé ënnersteet.

De Gesondheetsministère huet eis do folgend Informatiounen ginn, nämlech dass d'Radioprotektioun als Autorité nationale unzegesi wär an dass se den Interlocuteur wär fir d'Agence internationale de l'énergie atomique. Si hätt - an ech zitieren - «compétence pour toutes les questions concernant la protection contre les rayonnements ionisants et non-ionisants et la sécurité nucléaire», mä dass d'Regierung eng aner Autoritéit géif chargéieren fir de Rescht vun de Missiounen, déi am Artikel 2A vun der Konventioun definéiert sinn.

Ze soe bleift nach, dass Lëtzebuerg jo keng Nuklearinstallatiounen huet an dass och keen Etablissement autoriséiert ass, fir Nuklearmaterial ze transportéieren, ze gebrauchen oder awer och ze stockéieren. Well awer eis geographesch Situatioun déi ass, déi se ass, a mer eben am noen Ausland... respektiv och ganz no un der Atomzentral vu Cattenom liewen, huet eist Land natierlech e ganz kloren Intérêt drun, dass all Nuklearanlage vun eisen Nopeschlänner effektiv protegéiert si géint Sabotage oder eventuell Akte vun Terrorismus.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, wann Der lech deem wëllt uschlëssen, dass dat e wichtige Projet ass, da géif ech lech bieten, deem ze stëmmen. Ech ginn heimat den Accord vun der sozialistescher Fraktioun an ech soen lech alleguerter Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci der Madame Rapportrice. An elo kritt d'Wuert d'Madame Martine Mergen.

### Discussion générale

► **Mme Martine Mergen (CSV).**- Merci, Här President. Ech wollt am Numm vun der CSV-Fraktioun der Madame Dall'Agnol Merci soe fir deem ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Bericht vun deem Projet, deem zwar elo net esou eng grouss Envergure huet wéi en aneren, mä deem awer grad an dësen Zäite wichteg ass an an deem déi Fro beäntwert ass, déi den Här